



N°4863  
Reçue le 17.08.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 17.08.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am Kader vun der parlamentarescher Fro n°2549, huet de Mobilitéitsminister erkläert, dass et beim Ausbau vum Wifi an den Zich vum CFL duerch d'Covid-19 Pandemie wäert zu Verspéidunge kommen an dass *"am Moment [net geplangt ass], fir dat aktuellt Zuch-Material mat Wifi z'ekipéieren."* An de momentan benotzen Zich soll also kee Wifi soll agebaut ginn, nëmmen an de bestallten, néien Zich.

Gläichzäiteg kann een um Site vum CFL liesen:

*"Die 34 bei Alstom bestellten Züge der neuen 2400er- Serie (Typ „Coradia“) werden mit einem Wi-Fi-Verbindungssystem ausgestattet und verstärken die bestehende CFL-Flotte bis Dezember 2024. In der Zwischenzeit wird die Installation von Wi-Fi auf bestehendem Material untersucht, insbesondere für DOSTO-Züge."*

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An wéi villen Zich kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?
2. An wéi villen Busser kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?
3. Bis wéini plangt de Ministère Wifi op allen Zuchstrecke kënnen z'assuréieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le **07 SEP. 2021**

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4863 du 17 août 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le WIFI dans les transports publics, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op  
d'parlamentaresch Fro n°4863 vum 17. August 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen  
iwwer de WIFI am ëffentlechen Transport**

*1. An wéi villen Zich kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?*

D'Méiglechkeet fir WIFI am bestoenden Zuchmaterial nozerëschte gouf effektiv analyséiert, wourop hin awer décidéiert gouf fir WIFI an enger éischer Phase just an de neien Automotrice vu de Serien 2400/2450, déi progressiv tëschent 2023 an 2025 a Betrib geholl ginn, unzebidden.

*2. An wéi villen Busser kënnen d'Passagéier momentan vu fräiem Wifi profitéieren?*

Aktuell kënnen d'Passagéier an 23 CFL-Busse vu fräiem WIFI profitéieren.

*3. Bis wéini plangt de Ministère Wifi op allen Zuchstrecke kënnen z'assuréieren?*

Laanscht d'Zuchstrecken ass d'Eisebunn ofhängeg vum Fortschrëtt an der Netzversuergung duerch déi ëffentlech Opérateuren. Wat d'Garen ubelaangt huet d'CFL ee Programm opgestallt fir am Laf vun 2022 100% vun de Garen mat WIFI équipéiert ze hunn. Momentan si 55% vun de Garen mat WIFI ausgestatt. Enn dës Joers wäerten et der 95% sinn.